Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Weekräizer kënnen Unhaltspunkte fir al Wallfaarts- oder Prozessiounsweeër sinn an déngen de Wanderer oder Pilgerer dacks als Weezeechen. Et fënnt ee se op enger Kräizung, op engem Wee oder enger Strooss, bei engem Feldrand oder och matten am Bësch. Meeschtens ass den historesche Standuert vun esou engem Weekräiz mat enger besonnescher Bedeitung verbonnen. D'Grënn, firwat se opgeriicht goufen, sinn ënnerschiddlech, an deemno erzielen d'Weekräizer och ënnerschiddlech Geschichten.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Minister gär folgend Froe stellen:

1. Huet d'Madamm Minister Kenntnesser doriwwer, wéi vill Weekräizer et insgesamt hei am Land ginn?
2. Wéi vill vun dëse Weekräizer stinn ënner Denkmalschutz? Wat sinn d'Konditiounen, fir datt esou e Weekräiz ënner Denkmalschutz gestallt gëtt?
3. Wéi weist sech hei d'Responsabilitéit, wien ass zoustänneg fir den Ënnerhalt vun deene Weekräizer? Wann esou en Objet a Privatbesëtz ass, respektiv am Besëtz vun enger Associatioun oder vum Kierchefong, wat sinn dann d'Obligatioune fir den Ënnerhalt? Wéi ass den Ënnerhalt prozedural gereegelt? Muss de "Besëtzer" am Fall vun enger néideger Restauratioun selwer fir dës opkommen oder kënnt de Service des Sites et Monuments Nationaux dofir op?
4. Wéi vill denkmalgeschützte Weekräizer sinn Affer vun Déifstall an/oder Vandalismus ginn? Wéi weist sech d'Evolutioun vun däser Zuel an deene leschten zéng Joer?
5. Wéi vill Weekräizer goufen als esou wäertvoll geschat, datt d'Original op eng securiséiert Plaz bruecht gouf, an um eigentleche Standuert duerch Kopien ersat gi sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten